N°1797
Entrée le 14.02.2025
Chambre des Députés

D'REGIERUNG
VUM GROUSSHERZOGTUM LËTZEBUERG
Ministère fir auswäerteg an europäesch
Ugeleeënheeten, Verdeedegung,
Entwécklungszesummenaarbecht an Aussenhandel

**Äntwert vum Minister fir Aussenugeleeënheeten an Aussenhandel, Xavier Bettel op d' parlamentaresch Fro N°1797 vum 16. Januar 2025 vum honorabelen Deputéierten Sven Clement**

**Ad 1)**

D'Regierung bleift bäi hirer Positioun, dat Lëtzebuerg net als Observateur un de Reuniounen vum TPNW deelhëlt.

**Ad 2)**

Eng Participatioun um TPNW ass net kohärent mat der Nuklearer-Ofschreckungspolitik vun der NATO, dem fundamentale Pilier vun eiser kollektiver an transatlantescher Sécherheet.

Des Weidere bréngt de Statut vum Observateur och Käschte mat sech. D'Regierung hält et net fir räsonabel, finanziell zum TPNW ze contribuéiere wann eng Memberschaft keng Perspektiv ass, an net mat eise politeschen Engagementer an der NATO iwwertenee stëmmt.

Lëtzebuerg konzentréiert seng Efforten am Beräich nuklearer Ofrüstung weiderhin op den "*Treaty on the Non-proliferation of Nuclear Weapons"* (NPT), den Pilier vun der internationaler Sécherheetsarchitektur.

**Ad 3)**

D'gemeinsam Approche vun der NATO steet an der Deklaratioun vum "North Atlantic Council" zum Akraafttriede vum TPNW den 15 Dezember 2020, a gëtt widderholl am Paragraph 54 vum "Vilnius Summit Communiqué" vun 2023.

D'Participatioun als Observateur un TPNW-Meetingen ass eng national Entscheedung.

**Ad 4)**

Nee.

Lëtzebuerg, den 14 Februar 2025

De Minister fir auswäerteg
Ugeleeënheeten an Aussenhandel

(s.) Xavier Bettel